N°4077
Entrée le 11.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.05.2026
Chambre des Députés

AN DER CHAMBER

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2026

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech biede follgend parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister, den Här Aarbechtsminister an un den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil weiderzeleeden.

Mënsche mat enger mentaler oder kierperlecher Beanträchtegung hunn et oft méi schwéier fir um Aarbechtsmarché eng Aarbecht ze fannen.

Et gi Foiren organiséiert fir et Mënsche mat enger Behënnerung ze erméiglechen an engem Beruff Fouss ze faassen. Menges Wëssens no sinn op deene Foiren awer just Träger aus dem soziale Secteur an Ateliers protégés vertrueden.

Vill Mënsche mat Beanträchtegung sinn wuel fit fir eng Aarbecht um éischten Aarbechtsmarché, awer kréie keng richteg Chance well et keng gemeinsam Foire gi fir jiddereen, fir déi ganz schoulesch Offer esou wéi déi komplett Offer um Aarbechtsmarché ze presentéieren.

Am Sënn vun der Inklusioun vu Mënsche mat Beanträchtegungen ass et wichteg datt keen ausgeschloss gëtt, an datt jidderee vun den néidegen Informatioune soll profitéiere kennen. E Beispill ass déi rezent Schoulfoire déi parallel zu enger Jobfoire fir Mënsche mat Beanträchtegung statt fonnt huet.

An dem Kontext, géing ech gaeren folgend Froen un den Här Educatiounsminister, den Här Aarbechtsminister an den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummenliewn an Accueil stellen :

1) Firwat ginn et hei zu Lëtzebuerg keng grouss Foiren déi sech u jiddereen am Land riichten? Gett et spezifesch Grënn firwat Schülerinnen a Schüler mat enger Beanträchtegung vun der Schoulfoire ausgeschloss sinn a firwat eng speziell Foire Atelier

d'insertion professionnelle (AIP)/Centre de Propédeutique Professionnelle (CPP) /Ministère de la famille fir si parallel zur Schoulfoire stattfënnt?

2) Ass virgesinn, zukünfteg Schoul-, Ausbildungs- an Aarbechtsfoiren esou ze organiséieren, datt se fir all Biergerinnen a Bierger gemeinsam zougänglech sinn, onofhängeg dovun, ob eng Beanträchtegung virläit oder net?

3) Wéi vill Betriber aus dem éischten Aarbechtsmarché waren op de leschte Foiren, déi speziell fir Mënsche mat enger Beanträchtegung organiséiert goufen, vertrueden?

4) Wéi vill Mënsche mat Beanträchtegung hunn eng Aarbecht um éischten Aarbechtsmarché a wéi vill sinn der am AIP ageschriwwen?

5) Wéi vill Leit mat enger Beanträchtegung si bei der ADEM ageschriwwen a weivill dovunner hun eng Orientatioun an een AIP?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Stéphanie Weydert**
**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, dem Aarbechtsminister, Marc Spautz, an dem Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4077 vun der honorabeler Deputéiert Stéphanie Weydert**

1. **Firwat ginn et hei zu Lëtzebuerg keng grouss Foiren déi sech u jiddereen am Land riichten? Gett et spezifesch Grënn firwat Schülerinnen a Schüler mat enger Beanträchtegung vun der Schoulfoire ausgeschloss sinn a firwat eng speziell Foire Atelier d'insertion professionnelle (AIP) /Centre de Propédeutique Professionnelle (CPP) / Ministère de la Famille fir si parallel zur Schoulfoire stattfënnt?**
2. **Ass virgesinn, zukünfteg Schoul-, Ausbildungs- an Aarbechtsfoiren esou ze organiséieren, datt se fir all Biergerinnen a Bierger gemeinsam zougänglech sinn, onofhängeg dovun, ob eng Beanträchtegung virläit oder net?**

D'Duerstellung vun der honorabeler Deputéiert, laut där Schüler mat spezifesche Besoine vun der Schoulfoire ausgeschloss sinn, stëmmt net a muss hei widderluecht ginn. D'Schoulfoire gëtt esou vum MENJE organiséiert, datt all d'Schüler kënnen drun deelhuelen. De Service national de l'éducation inclusive (SNEI) hat en eegene Stand, wou déi verschidden Offeren an der Inklusioun promouvéiert goufen. Och aner Stänn, wéi déi vun der Maison de l'orientation an de Lycéeën, hunn déi verschidden Offere fir Schüler mat spezifesche Besoine virgestallt.

Datt eng weider Foire Atelier d'insertion professionnelle vum Familljeministère organiséiert gouf, baséiert drop, datt do eng aner Thematik an de Vierdergrond gestallt gëtt, nämlech déi vun der Insertion professionnelle, d. h. den Iwwergang vun der Schoul an d'Beruffsliewen, wärend d'Schoulfoire zwee Orientatiounsmomenter privilegiéiert: den Iwwergang vum Fondamental an de Secondaire, an den Iwwergang vum Cycle inférieur an de Cycle supérieur am Secondaire. Béid Foirë sinn deemno komplementar.

Allgemeng si sämtlech Aarbechtsfoiren, déi vun der ADEM organiséiert ginn, fir all Public zougänglech – et gëtt also kee ausgeschloss. Och d'Ateliers de recrutement, déi fir spezifesch Patronen organiséiert ginn, riichte sech un all Demandeuren. Och hei gëtt kee vum Prozess ausgeschloss.

3. **Wéi vill Betriber aus dem éischten Aarbechtsmarché waren op de leschte Foiren, déi speziell fir Mënsche mat enger Beanträchtegung organiséiert goufen, vertrueden?**

Um Jobday *Handicap & Reclassement professionnel* waren insgesamt 28 Patrone vum éischten Aarbeschtsmarché vertrueden.

4. **Wéi vill Mënsche mat Beanträchtegung hunn eng Aarbecht um éischten Aarbechtsmarché a wéi vill sinn der am AIP ageschriwwen?**

Déi lescht disponibel Donnéeë weisen, datt am Joer 2023 ronn 4.700 salariés handicapés um éischten Aarbechtsmarché beschäftegt waren, wärend ronn 1.500 salariés handicapés an den AIP ageschriwwe waren. Méi rezent Statistike leien de Moment nach net vir. Et gëtt awer erwaart, datt nei Donnéeën nach am Laf vun dësem Joer publizéiert ginn.

5. **Wéi vill Leit mat enger Beanträchtegung si bei der ADEM ageschriwwen a weivill dovunner hun eng Orientatioun an een AIP?**

   Stand den 19. Juni 2026 waren 1.785 Persoune mat engem Statut als salarié handicapé als Demandeur d’emploi bei der ADEM ageschriwwen. Vun dësen haten 446 Persounen eng Orientatioun an en AIP.

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH